

Lëtzebuerg, den 9. November 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„Zu Steenem gëtt de Moment de Säitenaarm vun der Ënnersauer gebotzt. Och zu Méchela an der Gemeng Buerschent gëtt et en änleche Problem. Nom éischten Héichwaasser virun e puer Joer waren d'Sauer an hir Uwänner an dëser Géigend gebotzt ginn, souguer eng Wiss gouf bei dëser Geleeënheet ausgebagert.

Um Wilspull (bei Méchela) gouf och e Säitenaarm ugeluecht an alles ass gebotzt ginn. Vun deenen Aarbechte gesäit een haut net méi vill, well sech no de rezenten Iwwerschwemmunge rëm viles ugesammelt huet, virun allem Gestengs a Sand. Zemoos elo nom Summer, wou net vill Waasser an der Uewersauer war, huet sech d'Vegetatioun op dëser Plaz nees entwéckelt.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- Ass geplangt fir änlech Aarbechten zu Méchela, besonnesch um Wilspull, duerchzeféieren?*
- A wat fir enge Gemenge vum Land sollen an Zukunft nach där Aarbechten duerchgefouert ginn?*
- Wat fir eng spezifesch Autorisatioune sinn an deem Zesammenhang all Kéier erfuerdert?*
- Sinn och sou Aarbechten zu Angelduerf „am Al“ virgesinn (Gemeng Ierpeldeng-Sauer)?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten